8 000 Euro fir dräi Vereenegungen

De Fifty-One Club Musel hëlleft Acteuren aus dem soziale Beräich

Dës Sue koumen zesummen duerch de Verkaf vu Fiederwäissen a vu Crémant.

Ohn. De Service à la Communauté vum Fifty-One Club Musel ënnerstëtzt dëst Joer dräi verschidden Associatiounen, déi am soziale Beräich schaffen.

De President Georges Disewiscourt hat d'Vertrieder vun dësen Associatiounen op d'Reunioun vum Mount Mee agelueden. Hie war stolz, do kënnen Done vun iwwer 8 000 Euro un d'Alexandra Oxacelay vun der Stëmm vun der Strooss, un d'Denise Weimerskirch an de Claude Meyers vun der Fondatioun kriibskrank Kanner an un de Laurent Mersch vum Institut St-Joseph vu Betzder ze iwwerreechen. Dës Sue koumen zesummen duerch de Verkaf vu Fiederwäissen an der Groussgaass a vu Crémant d'ganzt Joer duerch. Uschléissend huet all Associatioun en Iwwerbléck iwwer hir Aktivitéiten ginn an déi Beräicher opgezielt, wou nach Hëllef gebraucht gëtt. Si konnten all d'Membere vum Club dervun iwwerzeegen, dass hiert Geld a gutt Hänn kënnt.

Jean-Paul Cloos via mywort.lu

Lux Wort 19.06.18